# Le conseil de coopération

**Eng kleng Zesummefassung vun de groussen Ideeën aus dem Buch :**

**Le conseil de coopération vum Danielle Jasmin (Chenelière Didactique)**

## 1. Wat ass den conseil de coopération ?

Den Conseil de classe hëlleft d'Klasseliewen an d'Projeten z'organiséieren.
En hëlleft Problemer zwëschen de Kanner ze léisen.
Et ass eng Plaaz wou Problemer zwëschen dem indivudellen Kand an dem Grupp geléist kënne ginn.

Et ass net en Gericht, dat probéiert e Schëllegen ze fannen oder eng Strof ze ginn. Et geet dorëm ze hëllefen. Et geet och net dorëm Konflikter ze ënnerbannen, mee dorem fir ze léieren mat Konflikter ëmzegoen an se op eng gutt Art a Weis ze klären, ouni Gewënner an Verléierer.

Et geet och net nëmmen em d'Majoritéit oder d'Minoritéit vum Grupp, mee dorem en Konsens ze fannen a wirklech an der Klass zesummen ze kooperéieren.

## 2. Fir wien ?

Vun der Spillschoul bis an de Lycée, je no Alter adaptéiert

## 3. Wou ?

Op enger Plaaz, wou een sech kann an en Krees setzen, a jiddereen jiddereen gesäit. Am beschten op Still fir dass d'Kanner de Conseil de coopération net mam Morgenkreis verwiesselen, wou een just erzielt wat een erlieft huet.

## 4. Wéini?

Eemol an der Woch.
Am Buch gëtt proposéiert zesummen mat de Kanner ze decidéieren wéini, och wann Décisioun wéinst externen Conditiounen scho gefall ass, et mat de Kanner ofschwetzen well de Conseil de Coopération eng demokratesch Struktur ass, an een sech an deem Fall och muss konsequent sinn.

Fir déi kleng aus der Spillschoul soll ee warden bis se sech ageliewt hunn an hiren Tour beim Erzielen ofwarden kënnen. Et kann een ufänken mat engem Conseil de coopération all 2 Deeg, well déi Zäitspaan vun enger Woch ze grouss ass an deem Alter (Muer oder Iwwermuer kënnen si sech besser virstellen)
Spéiderhin kann een dann de Conseil de coopération 2 mol an der Woch maachen op fixen Deeg.

**5. Ier de conseil de coopération agefouert gëtt…**

De Conseil de coopération ass en demokratescht Verfahren, dofir sollen d'Kanner un allen Decisiounen déi den Conseil de coopération trëfft bedeelegt ginn.
Ier een de Conseil de coopération aféiert, muss een sech selwer a seng Prinzipien analyséieren :

Wat sinn déi Valeuren déi ech effektiv an der Klass an a mengem Verhalen ëmsetzen, liewen, déi mir wichteg sinn?
A wat sinn déi Valeuren, déi ech gären géing ëmsetzen, mee wou ech nach net esou wäit sinn?

Wéi stinn ech zu folgenden Valeuren: Autonomie vun de Kanner, Cooperatioun an der Klass, Gläichheet vun allen Kanner am Domaine vum Recht[1], seng Meenungen ausdrécken ouni een ze blesséieren, Gerechtegkeet, Fräiheet, sech selwer an déi aner respektéieren, Responsabilitéit, Solidaritéit an Toleranz.

Gleewen ech drun, dass d'Kanner Léisungen fir Konflikter fannen kënnen?
Sinn ech bereet op Konflikter anzegoen an net se z'ënnerdrécken?
Sinn ech bereet een Deel vu menger Macht un den Conseil de coopération ofzeginn?
Sinn ech bereet d'Relatioun zwëschent de Kanner a mir op eng aner Basis ze stellen?

Wichteg ass, dass een de Kanner am Ufank net Gefill gëtt, et géing een hinnen seng ganz Macht an d'Hänn leeën. Deen Deel vun der Macht, deen ech bereet sinn ofzeginn, un den Conseil de Coopératioun, geschitt duerch kleng Schrëtt. D'Kanner sollen doduerch net veronsechert ginn. A wann d'Kanner dësen Machtwiessel testen, dann muss een sech konsequent un déi Regelen haalen déi den Conseil de Coopératioun opgestallt huet.

**6. Wéi ukfänken?**

Während deenen éichten Schouldeeg kann een dat Wuert Conseil de coopératioun öfters widerhuelen. („Am Moment leeë mer eis Schoulsäck all heihinner, mee an e puer Deeg kuke mer zesummen am Conseil de coopération wéi mer eis do organiséieren.“) Doduerch ensteet eng gewëssen Virweltz an d'Kanner wëllen wëssen wat den Conseil de coopération ass.
Wann een de Conseil de coopération während engem Schouljoer aféiert, dann kann een en Schoulfest (Chreschtdag….) zum Ulass huelen fir den Conseil de coopération anzeféieren an duerno kann een de Wonsch ausdrécken dass deen Conseil bestoe bleiwt an sech och aneren Problemer vun der Schoulorganisatioun unhëllt.

E wichtegen Deel vum Conseil de coopération, ass den „journal mural du conseil“,
d' Mauerzeitung.
E setzt sech zesummen aus 3 verschiddenen Rubriquen :

- Je félicite
- Je critique
- Je veux en parler

[1] All Kanner hunn déi selwecht Rechter, mee net all Kanner si gläich

Et ass wichteg, dass d'Félicitatioune geschriwwen ginn, an net nëmmen mëndlech gemaach ginn. Esou ginn se net vergiess bis deen nexten Conseil, an all Kand kann se gesinn. D'Kategorie „Je félicite" ass e positiven Bäitrag am Conseil de coopération, deen duerf natiirlech nët nëmmen aus negativen Matdeelungen bestoen.
Wann am Conseil de coopération d'Féliciatiounen virgelies ginn, dann ass dat en ganz schéinen Moment, besonnesch fir Kanner déi Verhaalensschwieregkeeten hunn, et ass eng grouss Motiviatiounshëllef.

All Androung zum Thema Critique gëtt am nexten Conseil de coopération ugeschwat. Et ass wichteg dass d'Sätz mat „Ech" ufänken a mir probéieren Ich-Botschaften ze versenden.
Et ass och wichteg dass d'Léierpersoun thematiséiert, dass et schwiereg ass wann een kritiséiert gëtt, an dass een duerf trauereg sinn oder net frou sinn iwwert eng Kritik.

An der Rubrik „Je veux parler de…" kënnen zum Beispill Froen gestallt ginn.
Wéini duerf ech iessen, op Toielt etc…."
Och ech als Léierpersoun kann Themen fir de Conseil proposéieren: Trennung vum Dreck, Wat soll een als Mueresiessen matbrengen an d'Schoul? Wat maache mer fir den Tschärity-Gala?....

Wichteg ass och, dass dat wat am Conseil festgehaalen gëtt opgeschriwwen gëtt. Et muss net alles opgeschriwwen ginn, mee wichteg ass den Ordre du jour an d' Décisiounen déi geholl ginn, Gesetzer déi geschaf ginn.

## 7. Ordre du jour

Den Ordre du jour soll ëmmer no deem selweschten Modell opgebaut ginn, dat heescht dass déi 3 Kategorien vun der Wandzeitung duerchgeholl ginn.
Et ass och wichteg dass een all Conseil domat ufänkt fir en Retour op de Conseil vun virdrun ze maachen an ze kuken op déi Saachen déi beschloss goufen och agehaal goufen. Ginn et nach Problemer zu engem vun den Punkten vum Conseil vu virdrun, gëtt dësen Punkt nach eng Kéier op den Ordre du jour geholl.

Wann een de Conseil aféiert, mecht et Sënn och e Punkt op den Ordre du jour ze setzen deen erklärt firwaat een en Conseil aféiert a wat d'Zil vun esou engem Conseil ass.

## 8. Konkret

E puer Minuten ier de Conseil ufänkt, sammelen d'Assistenten vum Conseil all Ziedelen vun der Wandmauer an, a si préparéieren den Ordre du jour. Deen gëtt op d'Tafel geschriwwen oder op en Blad fir an den Klasseur vum Conseil de coopération.
Et kann een Ritualer aféieren wéi e Satz deen eemer um Ufank an zum Schluss vum Conseil gesot gëtt (oder eng Musek, eng Klack….), fir dass d'Kanner mierken dass et elo um Conseil ass a soss näicht.
Um Ufank vum Conseil kann een froen op et e Punkt gëtt deen méi wichteg ass wéi déi aner. Dëst ass bei klengen Kanner allerdengs schwiereg, well déi hiren eegenen Punkt oft als wichtegsten ugesinn an oft nach keng Richteg Notioun vun der Zäit hunn.

Wann den Ordre du jour bis feststeet, gëtt mat engem Retour op den Conseil vun virdrun ugefangen.
Aus dem Klasseur/Heft vum Conseil ginn d'Décisounen vum leschten Conseil virgelies, fir dass jidereen erem am Kapp huet wat geschwat gouf. D'Kanner déi sech zu eppes engagéiert hunn, gi gefrot ob se dat och gemaach hunn. Gouf eppes net gemaach, gëtt deen Punkt erem op den Ordre du jour gesat, sollt en nach net do stoen.

Duerno ginn d'Félicitatiounen virgelies ouni sech zevill driwwer opzehaalen. Wann en neit Thema an enger Félicitatioun ugeschwat gëtt, dann kann een dat bemierken („Dat ass déi éischte Kéier dass mir iwwert Angscht, Courage…. schwetzen"). Duerno soll een de Kanner déi eng Félicitatioun geschriwwen hunn Merci soen a se positiv verstärken.

Duerno geet een zu de Kritiken iwwer. Op den Kritiken sollen den Datum an den Numm stoen. Wann keen Numm drop steet, soll d'Kritik net behandelt ginn. Besonnesch well déi Kritiken op der Wandzeitung hänken, an jiidereen se liese kann. Dat Kand wat kritiséiert gëtt soll d'Recht hunn ze wëssen wien et kritiséiert. Wann elo e Kand vergiess huet säin Numm drënner ze schreiwen, dann soll et seng Kritik zereckhuelen an déi next Woch nach eng Kéier ophänken.

Nodeems eng Kritik virgelies gouf, kritt fir d'éischt d'Kand wat se geschriwwen huet d' Wuert, an duerno d'Kand wat kritiséiert gouf. Während dem Erklären gëtt net haart protestéiert oder ënnerbrach, well d'Kand wees jo sécher, dass et duerno un den Tour kënnt an sech do erklären duerf. Aner Kanner duerfen eppes dozou bäidroen oder soen. Duerno gëtt no enger Léisung gesicht. Heiernsdo muss een vun de Kanner sech entschëllegen oder Hëllef acceptéieren fir een bestëmmtent Verhaalen ze änneren. Wann e Problem verschidden oder méi Kanner betrëfft, dann kann een e Gesetz fir d'ganz Klass stëmmen.

Et kann sinn dass een um Ufank vun Kritiken iwwerschott gëtt. D'Kanner sollen selwer feststellen dass si dann net weiderkommen an hirem Conseil de coopération.
An dësem Fall kann een de Kanner bäibrengen, „kloer Messagen[2]" (Ich-Botschaften) ze formuléieren, dat heescht, dass Kanner soen wat fir een Gefill, e gewëssent Behuelen vun deem aneren bei hinnen ausgeléist huet. De Conseil kann dann zum Beispill decidéieren, dass ier een eng Kritik un d'Mauer schreiwen duerf, muss een deem aneren Kand e mëndlechen „kloeren Message" ginn. Op dëss Manéier kënnen vill kleng Problemer sech léisen an et ginn manner Kritiken am Conseil de coopération.

Wann zwee Kanner Sträit hunn, an aner Kanner eppes dozou ze soen hunn, ass e wichteg fir de Kanner bäizebrengen wien en „Zeihen" ass. Et geet net drëms fir de beschte Frend ze léien, fir dass deen sech kann senger Responsabilitéit entzéihen.D'Kanner mussen no a no realiséieren dass den Conseil net en Geriicht ass, wou een verurtdeelt gëtt, mee wou een kann Hëllef kréien a sech sengen Responsabilitéiten soll bewosst ginn.

## 9. Kanner déi den Conseil stéieren oder boykottéieren

[2] Punkt 16 kuken !

D'Autorin huet mat hirer Klass selwer Regelen a Konsequenzen fir dëse Fall festgehaalen. Verschidde Kanner testen gären wéi konsequent een sech an deenen Regelen ass, dofir muss een sech säin Verhaalen am viraus gudd iwwerleeën.

Beispill: Kanner déi stéieren ginn als „Dérangeur" qualifizéiert, dat heescht si wëssen dass wann si mat deem Terme genannt ginn, d'Konsequenzen vun hiren Regelen mussen akaaf huelen.

1.Kéier Dérangeur = Warnung

2. Kéier Dérangeur = D'Kand muss aus dem Klasseparlament erausgoen an duerf net méi un den Décisiounen an Diskussiounen deelhuelen

3.Kéier Dérangeur = Kand muss virun der Dir weiderschaffen

4.Kéier Dérangeur = Kand schafft am Sekretariat /anerer Klass fir de Rescht vum Dag weider.

Alles wat den Inhalt vum Conseil de coopération ugeet ass immens variabel an upassungsfähig. De ganzen Ronderem an d'Strukturen esou wéi och d'Regelen sollen rigid a streng sinn. Doduerch fillen d'Kanner sech secher a geschützt a kënnen besser hirt Uleies ausdrécken.

**10. Wat ass wa mir keen Konsens fannen?**

Wa keen Konsens an der Klass fonnt gëtt, kann déi bescht-méiglesch Léisung momentan adoptéiert ginn, bis zu deem Zäitpunkt wou eng besser fonnt gëtt.
Et kann een e Grupp vu Kanner froen sech enger Regel momentan ze fügen, an dann am nexten Conseil doriwwer ze berichten, respektiv kënnen déi Kanner dann och probéieren déi aner Kanner mat konkreten Argumenter emzestëmmen, oder vun hiren Argumenter ze iwwerzeegen.

**11. Wat ass d'Roll vum Enseignant am Conseil de Coopération?**

Den Enseignant huet am fong eng duebel Roll. Engersäits muss hien animéieren an d'Gespréicher leeden, eventuell och direkt Sekretär sinn, besonnesch bei méi klengen Kanner, an anerersäits ass hien och en Member vum Conseil de coopération.
Verschidden Enseignanten iwwerlossen de Kanner d'Roll vun der Animatioun vum Conseil. Dëst ass eng immens usprochsvoll Aarbecht, déi och eis heiernsdo scho schwéier fällt. Eventuell kann een de Kanner och just verschidden Responsabilitéiten iwwerdroen (sou wéi Felicitatiounen a Kritiken virliesen, Zäitwächter spillen, den Ordre du jour virliesen…) an anerer selwer an der Hand haalen.
Als Animateur vum Conseil musse mir op 3 Ebenen agéieren: um Niveau vum Inhalt, um Niveau vun der Struktur an um Niveau vum Klima.

- Inhalt
  Reformuléieren, an aner Wierder ausdrecken, erklären, feelend Informatiounen derbäi setzen, den Lien zweschen verschidden Informatiounen maachen,déi Haaptideeën resüméieren, eng Synthèse maachen, ….
  Duerch dës Aarbecht erlaben mir allen Kanner alles ze verstoen an un den Décisounen deelzehuelen

- Struktur

De Kanner d'Wuert ginn, deenen déi sech melden, besonnesch déi déi net esou oft d'Wuert ergräifen.
De Kanner hëllefen sech auszedrecken. Bei engem éischten Tour soen e puer Kanner hir Meenung. Bei engem zweeten Tour sollen nëmmen nach déi Kanner déi wirklech eppes Neies derbäizefügen hunn sech mellen.
Kanner déi net aktiv matschwetzen stimuléieren, sou dass si och mierken, dass hir Meenung wichteg ass, ouni dass awer een muss forcéiert ginn.
Op d'Zäit oppassen an sech eng gewëssen Zäit fir verschidden Problemer setzen. Dobäi kann een sech och vun engem Kand hëllefen lossen, dëst Kand iwwerhëllt an deem Fall d'Responsabilitéit vum Zäitwächter.
Positivt kommunikativt Verhaalen ënnerstëtzen an gläichermossen sech un déi eengen Regelen haalen. D'Kanner sollen Opmierksamkeet fir hiirt positivt Verhaalen am Conseil de cooperation kréien an net fir negativt Verhaalen, stéieren etc…

- Klima
  D'Kanner konsequent drun winnen hir Gefiller auszedrécken an Ich-Botschaften ze senden. D'Gefiller déi net ausgedreckt ginn hënneren eis eventuell bei enger Léisung vum Problem. D'Kanner ënnerstetzen wann se no Léisungen sichen, probéieren eng locker Athmosphär ze schaafen. Sätz emformuléieren fir keen ze blesséieren an awer dat soen wat en denkt. Engem Kand zougestoen, dass et an enger schwiereger Situatioun ass an him awer weisen dass et wichteg ass driwwer ze schwetzen fir eng Léisung ze fannen. Cooperatioun förderen duerch Froen wéi : Wéi kënne mir alleguerten dësem Kand hëllefen oder et ënnerstëtzen?

## 12. Délikat Froen am Conseil de coopération

D'Autorin erlabt all d'Froen an Zort vu Froen am Conseil de Coopération. Bei verschiddenen Froen muss en awer seng Roll als Enseignant assüméieren an et kann een net ufänken mat diskutéieren.
Beispill: Manner Aufgaben am Wocheplang / Manner Franséich Stonnen etc….
An dësem Fall soll een ganz kloer erklären, dass dat Décisounen sinn déi net dem Conseil ënnerstinn an deelweis och net dem Schoulmeeschter, mee zum Beispill dem Edukatiounsministär.

Verschidden Kanner sinn immens streng mat hiren Schoulkollegen an ginn doduerch manner kooperativ, well se sech op verschidden Regelen erstarren etc.
Wann zum Beispill iwwert Pauseniessen geschwat gett, wëllen verschidden Kanner eng detailléiert Lescht wat erlabt ass matzebrengen. Aner Kanner déi scho méi aal sinn oder déi an hirer Entwécklung scho méi wäit sinn, wëllen just festhaalen, dass se keng Séissegkeeten matbrengen sollen. Esou Kanner kënnen deenen méi Jonken vill iwwert moralesch Virstellungen an Décsiounen bäibrengen an hinnen hëllefen sech an deem Domaine weider ze entwéckelen. Kleng Kanner sinn an hiren Usichten oft totalitär a si wëllen alles bis an deen klengsten Détail regelen.

## 13. Wou d'Zäit hirhuelen fir den Conseil de coopération?

Wéi eng Schoulstonn soll ech faale loossen fir den Conseil de Coopération realiséieren ze kënnen? Wa mir zesummen rechnen wéivill Zäit mer verléieren wa mer Disciplinsfroen noginn oder de Kanner hëllefen Konflikter ze léisen stellt sech däss Fro am Fong net. Oft probéiere mer Konflikter ze ënnerbannen fir keng wäertvoll Zäit ze verléieren. Meeschtens trieden doduerch awer d'Konflikter zu engem aneren Zäitpunkt vill méi stark erem op a mir verléieren doduerch just nach méi Zäit.
Durch den Conseil de coopération bündelen mir däss Zäit a Problemer kënnen méi einfach a liicht geléist duerch déi Regelen déi mir eis als Klass ginn hunn.

## 14. Léieren durch den Conseil de coopération

Vill verschidden Kompetenzen kënnen duerch den Conseil de Coopération gefördert ginn:

- Sech kloer ausdrecken
- Strukuréiert erzielen
- Zäitnotioun
- Sech eng eegen Meenung bilden a vertrieden
- Mat aneren Kanner coopéréieren
- Problemer léisen
- Kreativ ginn fir kënnen Problemer ze léisen
- Selbstwertgefill obwäerten: Duerch déi „kloer Messagen[3]" a Félicitatiounen léieren d'Kanner sech besser kennen an aschätzen. Duerch déi Messagen déi d'Kanner am Conseil de coopération kréien, kënnen si sech selwer bewäerten. D'Selbstwäertgefill entwéckelt sech net doduerch dass mir Kanner an hirt Behuelen bewäerten, mee doduerch dass mir hinnen „kloer Messagen" ginn, an si sech dann selwer bewäerten.
- Responsabilitéit iwwerhuelen
- Seng Plaaz an enger Gesellschaft fannen an dorunner deelhuelen
- Toleranz entwéckelen
- D'Rechter vum Kand an d'Rechter vum Mensch kenneléieren an emsetzen
- Gedold /Léieren dass e Besoin net direkt op der Sekonn muss erfëllt ginn.
  Well vill Kanner alleguerten hir Besoinën direkt erfëllt kréien esoubaal se se verspieren, ass et fir vill Kanner schwiereg Gedold ze hunn bis zum nächsten Conseil de coopération. Duerch deen zäitlechen Abstand, sinn d'Kanner dann awer och oft méi roueg wann hiren Problem beschwat gëtt. Si hunn ënnerlech schon e bëssen Distanz dozou kritt.
- An nach vill méi…

## 15. D'Entwécklung vum Conseil de Coopération

De Conseil de coopération enwéckelt sech zesummen mat de Kanner. Besonnesch wann een an engem Cycle schafft ass dëst interessant, well eng Rei Kanner am Cycle bleiwen. Doduerch ginn verschidden Regelen an Strukturen mat wieder an dat next Joer geholl. Déi „aal"Kanner erklären deenen méi Jonken wéisou si dëst Gesetz gestëmmt hunn etc… Bestehend Gesetzen kënnen ëmmer weider verbessert ginn an d'Kanner fannen oft nach eng besser Léisung fir e Problem.

## 16. D'Kanner léieren „kloer Messagen" ze ginn

[3] Punkt 16 liesen

Besonnesch am Ufank ass d'Mauerzeitung oft vun Kritiken iwwerschwëmmt. D'Autorin vum Buch proposéiert dofir de Kanner bäizebrengen wéi een en „kloeren Message" eriwwergëtt:

a. Beschreiwen wat deen aneren gemaach huet (Wanns du mir de Ball ewech hëlls an der Paus…..)
b. Mat Wierder meng Gefiller beschreiwen, déi ech doduerch erliewen (…dann ginn ech rosen, well ech net méi spille kann….)
c. Nofroen op deen aneren deen Message verstaanen huet (Verstees du mech?)

Natirrlech kann een och en „kloeren Message" fir en positivt Verhaalen formuléieren. (Wanns du mat mir spills, dann sinn ech frou)

Am Ufank muss een de Kanner bei der Formulatioun vun dësen Messagen hëllefen. Si kënnen dëss dann einfach widerhuelen. Duerno geet et drëms, no a no selwer déi Gefiller beschreiwen ze kënnen, déi een a verschiddenen Situatiounen erlieft. Am Ufank wäerten vill Kanner dëss kloer Messagen ouni extrovertéiert Gefiller oder Kierpersprooch formuléieren, dëst brauch vill Zäit a kënnt no a no.

Seng Gefiller ausdrécken, heescht och seng Gefiller kënnen, an dat ass och fir Erwuessener schwéier. Et kann een dat awer trainéieren duerch verschidden Aktivitéiten, Spiller.

Zum Beispill kann een Mueres ier een ufänkt en klengen Tour de table maachen, bei deem d'Kanner soen: Ech sinn frou oder ech sinn net frou well…… Mat e bëssen Training geet dëss kleng Übung och ganz séier an och net all d'Kanner mussen all Mueres dorunner deelhuelen. Et ginn weider keng Détailer beschwat, ausser et wier eng exceptionnel Situatioun (Krankheet, Doud, Hochzäit, Accident…)

Mat de Kanner zesummen kann een och eng Lescht entweckelen, wéi een sech fille kann: roueg, opgereegt, frou, secher, zefridden, erliichtert, rosen, traureg, frustréiert, onzefridden, sech schummen, zweifelen, ……

Si léieren doduerch dass se net eleng mat engem Gefill sinn, an dass aner Kanner zu aner Momenter ähnlech Gefiller emfannen. D'Kanner léieren sech géigensäiteg ze vertrauen an z'ënnerstëtzen.

## 17. D'Recht op Entschiedegung

A verschiddenen Situatiounen fillen d'Kanner dass si en Recht op Entschiedegung hunn. Wann e Kand en anert schléit, an den Täter eng Strof kritt, dann ass dat keng Satisfaktioun an och keng Entschiedegung fir dat Kand wat geschloen gouf. Wann den Besoin fir Entschiedegungen besteet, soll een mat de Kanner zesummen en klengen Katalog entwéckelen, deen oplescht wat een kann als Entschiedegung verlangen.

Et soll genau festgeluecht ginn, wéini a wou dëss Entschiedegungen stattfannen kënnen (an der Paus, doheem, während dem Wocheplang….)
Beispiller: e Buch virliesen, Bild molen, eng Massage maachen, an der Mathé hëllefen, den Stull eropsetzen, eng Pardon-Kaart bastelen, an der Paus zesummen spillen….

Esoou kann een „Rache“ vermeiden, well d’Kanner dann einfach am Conseil eng Entschiedegung froen, an net zereckschloen an gläichermossen muss ech als Schoulmeeschter manner Strofen ausdeelen. Duerch d’Recht op Entschiedegung, bleiwt d’Kand wat geschloe gouf net lang an der Opferroll, mee kritt seng Dignitéit erem, doduerch dass et eng Entschiedegung froe kann.

All Problemer déi d‘Entschiedegungen koncernéieren, déi eventuell resfüséiert goufen etc… sollen dann erem an dem nächsten Conseil beschwat ginn.

18. Beispiller vun Rapporten a Kopéiervirlagen sinn hannen am Buch dran. Beim Fanni an der Klass kënnt dir Iech se ausléinen a kopéieren.